Virowend vu Nationalfeierdag



Trotz Pandemie huet d'Miersch er Gemeng e wierdegen Nationalfeierdag gefeiert.

Merci dem Här Deche Félix Steichen, deen et ëmmer erëm fäerdeg brèngt duerch seng frëndlech a jovial Manéier a mat de gutt duerchduechten a genau recherchéierte Bäiträg eisem Nationalfeierdag e besonnesche Kader ze ginn.

Esou eng Feier ass nëmme méiglech mat enger aktiver Ënnerstëtzung a mat enger relativ grousser Participatioun vun de Veräiner an de Mierscher Bierger. Dofir seet de Mierscher Schäfferot e ganz grousse MERCI un Iech all a mir sinn houfreg kënnen esou Feieren, mat oder ouni Aschränkungen, ze organiséieren.